N° 5424
Reçue le 08.02.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 5424 vum 22. Dezember 2021 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen betreffend den Taux vu Leit déi, bei Trajete vu manner wéi engem Kilometer, zu Fouss schaffe ginn

1. Wéi vill Leit sinn hei insgesamt betraff? Wéi huet dës Zuel vun 2017 bis 2021 entwéckelt? Wéi een Undeel entfält op d'Personal vun de Gemengen ?

2017 goufen et pro Schaffdag ronn 50 000 Aarbechtstrajeten vu manner wéi engem Kilometer. Dovu goufen der 28 000 zu Fouss zeréckgeluecht. En Aarbechtstrajet ass definéiert als Wee vun doheem, oder enger anerer Aktivitéit, op d'Aarbecht. Mat enger pronostikéierter Croissance vun 20% wier 2025 mat 60 000 Trajeten ze rechnen. Vun dëse sollten der 57 000 zu Fouss zréckgeluecht ginn. Déi reschtlech 3 000 entfalen op schaffend Persounen, deenen et net méiglech ass, souguer kuerz Distanzen vun ronn zéng Minutten zu Fouss zréckzeleeën. Am Sondage 2017 goufen d'Leit net no hirem Employeur gefrot, dofir kann iwwer Gemengebeamte keng spezifesch Ausso gemaach ginn.

2. Wéi huet sech den Undeel vu Leit déi am uewe beschriwwene Sënn effektiv ze Fouss gi vun 2017 bis 2021 entwéckelt, ausgedréckt souwuel an absolutten Zuelen, wéi a Prozent ?

Fir des Evolutioun festzestellen misst erëm eng Enquête wéi Luxmobil 2017 gemaach ginn. Deen Opwand ass ze grouss, fir an esou kuerzen Zäitofstänn widderholl ze ginn.

3. Ass bekannt, wéi d'Zuelen tëschent deenen eenzele Joreszäite variéieren a wéi een Impakt d'Wiederkonditiounen hunn ?

Luxmobil gouf an Fréijoer 2017 duerchgefouert. Zu Lëtzebuerg gouf bis elo keng spezifesch Etude zur Wiederofhängegkeet vum Choix vum Verkéiersmëttel duerchgefouert.

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch